



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/10/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

D'Artikelen 39 a 44 vum Code de la Route lëschten d'Kategorie vun Autoen op, déi mat spezielle sonoren Anlagen a bloe Luuchten däerfen equipéiert ginn. An dës Kategorie falen och d'Autoe vum "Service de Protection du Gouvernement" souwéi déi vum groussherzoglechen Haff.

Et ass selbstverständlech, dass d'Membere vun der Exekutive an d'groussherzoglech Famill viru potenzielle Gefore musse geschützt sinn an dofir am Noutfall vun A op B musse kommen. Allerdéngs ass d'Heefegkeet vun de Fäll, wou ee vun deene besoten Autoen opgrond vun enger reeller Gefor misst op Bloliicht zeréckgräifen, hei am awer zimlech séchere Lëtzebuerg dach relativ limitéiert.

Iwwerdeems ginn zu Lëtzebuerg fir offiziell Uläss oft eng Rei vu Stroosse fir de regulären Trafic gespaart, fir dass sech Membere vun der Exekutive iwwert d'Stroosse beweegen kënnen. A letztlech ginn d'Regierungsvertrieder an Extremfäll och nach duerch Leibwächteren a Polizisten iwwerwaacht.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Autoe vun der Exekutiv an engem Police-Konvoi et och ouni Bloliicht duerch den Trafic vun A op B packen, wann si mat Zäite fortfueren?
2. Fënnt d'Regierung, dass d'Sécherheitssituatioun an de Risiko vun engem Attentat op d'Regierung an op de Groussherzog aktuell zu Lëtzebuerg esou reell ass, dass d'Autoe mat Bloliicht musse fueren?
3. Ass d'Regierung des Weideren der Meenung, dass Autoe vun der Exekutiv, déi mat Bloliicht fueren a keng Rettungsdéngschter sinn, sech zu Lëtzebuerg wéi all aneren Auto och un d'Geschwindegkeetsbegrenzung vum Code de la Route hale sollen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)